Majerus zesummen mam Pater Jean-Jacques Flammang ganz häerzlech empfaange gin. Gläich am Ufank vun der Firmungsmass, hun d'Firmlingen dem Kardinol matgedeelt , wéi si op d'Firmung virbereet gi sin. Och d'Fürbitten hun si selwer virgedroen. A senger Predigt ass de Kardinol Jean- Claude Hollerich op d'Wichtigkeit vum Sakrament vun der Firmung agaangen an huet di Jugendlich opgefouerdert weiderhin am Dingst vun de Kierch ze stoen. Och d'Betty Heimermann- Wio als Presidentin vum Pastoralrot huet dem Kardinol an der Jugendlichen mat alle Bedeeligten Merci gesoot fir dess schéi Feier. D'Firmungsmass ass vum Kardinol Jean- Claude Hollerich zesummen mam Pater Jean- Jacques Flammang, dem Père Antoine Do an de Geschtlichen Vincent Billot a Jacques Bagnoud konzelebréiert gin. D'Euchastiefeier gouf vum Iolaken Gesangveräin ënnert der Leedung vum Foos Schuster mam Organist Jos. Helbach gesanglich a musikalisch verschéinert. Mat engem Empfang am Festsall zu Grousbuss huet dess Firmungsfeier hiren wärdigen Ofschloss fond.

Text a Foto: Charles Reiser

Grouss Botz 2026

Dëst Joer bei relativ guddem Wieder, hunn eng Rei Awunner aus eiser Gemeng sech den 21. Mäerz Zäit geholl fir den Offall laanscht d'Stroossen opafen ze goen. De Moien ass wéi gewinnt ofgeschloss gi mam traditionelle Grillen, dëst Joer zu Gréiwels. Ee ganz grouse Merci un déi vill Fräiwëllegen, Kleng a Grouss, fir hiren Asaz souwéi de Gréiwelser Pompjeeën fir hir Hëllef.



Foto: Andreas Schindler



Foto: Serge Fonck



Foto: Paul Engel



Foto: Andreas Schindler



Foto: Jessica Schuh



Foto: Jessica Schuh



Fotoen: Andreas Schindler



Ouschtereeërsich 2026

De 4. Abrëll huet d'Gemeng zesumme mat der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewe vu Groussbus-Wal eng Ouschtereeërsich zu Randschelt organiséiert. D'Kanner hu fläisseg Eeër gesicht a kruten Besuch vum Ouschterhues. Fir déi néideg Stäerkerung tëschenduerch war och gesuergt: et gouf lecker Pâtisseries a Gedrénks fir Grouss a Kleng. E grouse Merci un d'Famille fir d'Matmaachen.

Fotoen: Andreas Schindler



Holzstee 2026

De 17. Abrëll huet déi traditionell Holzstee am Bëschriederbësch stattfonnt. Eng erfollegräich Editioun déi rëm vill Awunner aus der Gemeng ugelackelt huet. Och dëst Joer, war de pensionéierte Fierschter Jos Helbach als Ausriiffer dobäi, ënnerstëtzt vum aktuelle Fierschter, Christian Engeldinger. Verkaf goufe Kouerten Holz wéi Laangholz. No der Stee ass den Owend bei engem gudde Maufel an engem Patt gemittlech op en Enn gaang.





Fotoen: Gemeng Groussbus-Wal

Ee Geste fir den Télévie

Zousätzlech goufen dëst Joer op der Holzstee och nach 5 Kouerten zugonschte vum Télévie versteet. D'Kouerten si geschnidden, dem héchste Bidder heemgeliwwert ginn. Um Dag selwer vun der Stee stoung och eng Spendekëscht fir den Télévie. Gesammelt fir dëse Projet gouf och op der Ouschtereeërsich de 4. Abrëll zu Randschelt. Am Ganze konnten 2.265 Euro fir d'Kriibsfuerschung gespent ginn. Ee grouse Merci fir Är Generositéit.



Aweigung vum neie Gefier vum Service forestier

Kuerz virun der Holzstee ass nach de neien Auto vum Service forestier ageweit ginn. D'Gefier, een Dacia Duster, ass zesumme mat de Gemenge Mäerzeg a Feelen kaf ginn.



Fotoen: Gemeng Groussbus-Wal

Kult-Duerf Randschelt 2026

Bei der 2. Editioun vu Kult-Duerf Randschelt, déi iwwert eng Zäitspann vum 24.4.-10.05.2026 gedauert huet an am Musée Thillenvogtei stattfonnt huet, sollt sech beweisen, dass Randschelt definitiv d'Potenzial hätt fir en Treffpunkt fir Awunner, Visiteuren an Artisten ze sinn. Organiséiert gouf dëst Event vun der Gemeng Groussbus-Wal an Zesummenaarbecht mat der Kulturkommissioun „Aktiounsschmëtt“, der Asbl Musée Thillenvogtei a mat der Ënnerstëtzung vum Kulturministère.

D'Konschtausstellung huet souwuel éabliert Artisten, wéi och villversprechend Talenter d'Méiglechkeet ginn, hier vilfältig Wierker ze präsentéieren, soudass fir all Goût eppes dobäi war. Ënnert den Artiste waren: d'Catherine Lorent, den Daniel Mac Lloyd, de Gianmarco, de Rafael Springer, d'Reiny Rizzi, d'NatisArt, Uno, Sarah Mandres, Théid Johans an Trixi Weis.

Fir d'Uertschaft an de Musée dann nach emol méi faarweg ze präsentéieren, hunn d'Kanner aus der Maison Relais vu Gréiwels wonnerschéi, konterbont Lampion'e gebastelt, déi Randschelt owes ganz dramhaft oplichte gelooss hunn.

Foto: UNO



Am Kader vun der Konschtausstellung hunn och nach 3 Liesowender an d'Walpurgisnuecht stattfonnt, heizou fannt der nach méi Detailer an engem weideren Artikel.

Awer och d'Projektioun „Crazy Cinématographe Revisited & Relooped“ vum Melting Pol, mat der musikalescher Begleedung vum Man'Ok, wousst d'Leit ze begeeschtere mat engem Film, zesummegestallt aus Filmer vun Enn 19. an Ufank 20. Joerhonnert. Et war faszinéierent mat wéleche wéinege Mëttelen déi deemoleg Kënschtler et fäerdeg bruecht hunn esou Wierker ze produzéieren, déi op den deemolege Fouere gewisen si ginn. E weideren Aeschmaus war och nach d'Widderhuelung vun der Projektioun vum Fusiounsfilm vun 2024, deen nach emol op d'Haus vum ale Presbytère ab 21.00 Auer projezéiert ginn ass a jidderee konnt dëst faarwegt Spektakel bei schéinem Wieder bewonneren.

E Programmszousaz huet och d'Asbl vum Musée Thillenvogtei gebueden. Mat enger Porte ouverte vum Musée a virun allem enger temporärer Ausstellung vun handgeschnëtzten Kräizer vum Néckel Simon, bekannt bei de Leit als „Simchen“, hunn si vill Visiteure vun no a wäit ugelackelt. Dës Ausstellung gouf vum Här Nico Hamen mat vill Enthusiasmus zesummegestallt a kommentéiert. Mat deem villsäitege Programm, de ville Genrë vu Biller, Skulpturen, Musik, Liesungen, historiesche Patrimoine, konnt den Nerv vu ville Leit getraff ginn. Eng ronn 700 Visiteuren hunn de Wee op Randschelt fonnt fir sech vun dëser Villfältegkeet bezaubern ze loossen. Dëst huet alt erëm bewisen, dass Kultur vill Leit vereene kann an dëst ass grad an haitegen Zäiten essenziell.

Text a Fotoen: Monique Reinard-Klees





Foto: Monique Reinard-Klees



Foto: Marie Anne Kohl-Gremling



Foto: Monique Reinard-Klees



Foto: Marie Anne Kohl-Gremling



Foto: Monique Reinard-Klees



Foto: Monique Reinard-Klees



Fotoen: Monique Reinard-Klees



Foto: Marie Anne Kohl-Gremling



Foto: Marie Anne Kohl-Gremling



Foto: Andreas Schindler



Foto: Marie Anne Kohl-Gremling



Fotoen: Andreas Schindler



Foto: Marie Anne Kohl-Gremling



Foto: Andreas Schindler



Foto: Marie Anne Kohl-Gremling



Fotoen: Monique Reinard-Klees




Foto: Gemeng Groussbus-Wal



Liesungen zu Randschelt

Am Kader vum Kult-Duerf Randschelt gouf eng Variatioun vu Liesungen ugebueden. Vu Krimi, historiesch Erënnerunge bis zu engem Roman konnt sécherlech all Lieser säi Liblingsthema eraussichen.

Déi éischt Liesung huet den 2.5.2026 stattfonnt. D'Crimesisters Karin Melchert a Rosemarie Schmitt wousste mat vill Spannung hier Nolauschterer an de Bann ze zéien. Gelies gouf aus de Bicher „Das Lied vorm Tod“ an „Das Gift der Stille“. Ënnermoolt gouf déi ganz Präsentatioun mat Gesang vun der Schrëftstellerin a Musikerin Karin Melchert, mat Lidder wéi „Goldfinger“ an „Ohne Krimi geht die Mimi nie ins Bett“. Esou munchereen ass bestëmmt mat deem Ouerewuerm heem gaangen, ganz virwëtzig, wéi et dann elo mat deem Gëft am Krimi géif weidergoen. Affaire à suivre.....



Weider huet den Här André Bauler, de 7.5.2026, aus dem Buch „Beschwerliche Zeiten“, vu sengem Papp dem Här Pierre Bauler, virgedroen. Dëst Buch beschreift d'Erlebnisse, déi den Här Pierre Bauler während dem Zweete Weltkrich an dem Ufank vun der Ardennenoffensiv, hat. D'Nolauschterer hunn dëse Virtrag mat enger Intensitéit suivéiert a sech betraff gefillt, konnte vill vun hinnen sech och nach un d'Erzielung vun hiren Elteren erënneren. Et ass méi wichteg wéi jee, sech déi Erënnerunge vun den Zäitzeie virun Aen ze halen, fir dass esou eppes Schlëmme net méi geschéien däerf.

Dann zu der Liesung vum 8.5.2026 mat engem rammelvolle Sall. D'ASBL „De Schankemännchen“ a „Kremart Edition“ hunn op d'Präsentatioun vum neie Roman „Spawecken“ vum Jemp Schuster invitéiert. Gekonnt huet de groussbusser Jong Ausschnëtter aus sengem Buch erausgepickt a virgelies. De Roman spillt an dem fiktiven Duerf „Schëldref“. Am Mëttelpunkt vun „Spawecken“ steet e Bam, den Ampeljong, en alen Nësstert.



Mat senger markanter Stëmm wousst de Jemp d'Nolauschterer an déi deemoleg Zäit ze versetzen. Ënnerstëtzt gouf hie bei der Präsentatioun vun de Schmatte. Mat hirem Schmidde während der Liesung hunn si d'Publikum an déi fiktiv Welt katapultéiert, déi op eemol ganz real gewierkt huet.

De Jemp Schuster bréngt et ëmmer erëm fäerdeg, un der fiktiver Welt ze zweifelen a sech ze froen ob net bëssi Wierklechkeet drun ass, mä dat gi mer warscheinlech ni gewuer.

Text: Monique Reinard-Klees



Foto: Marie Anne Kohl-Gremling



Fotoen: Andreas Schindler

D'Walpurgisnuecht zu Randschelt

Et ass ewell e feste Bestanddeel am Kalenner. Den 30.4.2026 huet d'Kulturkommissioun „Aktiounsschmëtt“ op eng Nuetswanderung an d'Walpurgisnuecht invitéiert. Am Kader vum Kult-Duerf Randschelt war et scho bal eng Selbstverständlechkeet, dëst Event zu Randschelt ze organiséieren. Eng ronn 140 Leit waren um Rendez-vous fir sech dëst Spektakel net entgoen ze loossen.

Bei Vollmound ass et vu Randschelt aus Richtung Brattert gaangen. Do sinn d'Participant'e vun der Geschichtenerzielerin Betsi Dentzer empfaange ginn. Mat hirer Interpretatioun vun hire grujelegen Hexengeschichten wousst si Grouss a Kleng ze faszinéieren.

Weider ass et du Richtung Gréiwels gaangen, wou de Wee dann iwwert de Meditatiounswee weidergeleet gouf. Do huet d'Betsi d'Wanderer nees erwaart a wousst och do mat hirer aussergewöhnlecher Stëmm an hire fesselnde Geschichten d'Publikum an hire Bann ze zéien.

D'Aktiounsschmëtt huet uschlëssend fir lessen a Gedrénks gesuergt, sou dass all Opreegung a Spannung geléist konnt ginn a jidderee frou an zefridden heem gaangen ass.

Mir freeën eis schonn op déi nächst Hexenuecht.

Text: Monique Reinard-Klees



Fotoen: Andreas Schindler



Frelon asiatique - Plan d'urgence 2026



Comment reconnaître le frelon asiatique ?

L'insecte

- Corps noir-brun sombre
- Face jaune-orange
- Pattes jaunes (tarses)
- Abdomen foncé, extrémité jaune-orange
- Taille :
Ouvrière : 17–24 mm
Reine : jusqu'à 30 mm



Son nid primaire

- Petit nid sphérique 3–5 cm au départ
- Construit souvent à l'abri
- Entrée unique orientée vers le bas
- Apparaît au début du printemps (mars–avril)

Son nid secondaire

- Grand nid ovoïde 60 × 80 cm
- Souvent en hauteur dans les arbres (jusqu'à 10 m)
- Petit trou d'entrée latéral
- Apparaît en été (mai–juin)



Nid secondaire

Ne pas confondre

- Frelon européen (*Vespa crabro*)
- Guêpe des buissons (*Dolichovespula media*)



Frelon européen
Une espèce à protéger au Luxembourg

Frelon asiatique
Une espèce exotique envahissante

Vous avez repéré un nid ou un frelon? Que faire?

J'observe le nid suspect

- En cas d'identification d'un nid de frelon asiatique, veuillez-vous tenir à distance, ne procéder à aucune intervention.



Je signale immédiatement

Toute observation d'un nid suspect sur un **terrain public à risque** peut être transmise à : neobiota@anfetat.lu
Toute observation d'un nid sur un **terrain privé** peut être signalée en faisant appel à une entreprise spécialisée (p. ex. chasseurs de nuisibles).



Ce que l'État met en place – et pourquoi



Pourquoi cette espèce pose problème ?

- Menace pour les pollinisateurs, en particulier les abeilles mellifères.
- Perturbe les écosystèmes locaux.
- Possède une forte capacité d'expansion.

La détection **précoce des nids au printemps** est donc essentielle.

Pour encourager l'élimination précoce des nids de frelons asiatiques, le ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité met en place un soutien financier destiné aux propriétaires de terrains privés.

Conditions d'aide : bonnes pratiques et
formulaire de la demande via guichet.lu :



Introduction de la demande via :
neobiota@anf.etat.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Chantiersrubrik

Nei Gefierer fir den techneschen Déngscht



Fotoen: Atelier communal

Chantier Pompelstatioun Groussbus



Neie Sall fir d'Jeunesse zu Groussbus am Prommenhaff



Fotoen: Atelier communal

Chantier neit Gemengenhais Groussbus



Neigestaltung vun der „rue Kinnikshaff“ zu Wal

D'Aarbechte gi plangméisseg virun.

D'Reamenagementsaarbechte konnten, bis op d'Deckschicht vun der Strooss, bis bei d'Haus Nr. 28 ofgeschloss ginn (Phas 2).



D'Déifbauaarbechten, inklusiv sämtlech öffentlech Ekipementer am Kader vun der Phas 3, sinn ofgeschloss (Héicht Haus Nr. 44).

D'Borduren, inklusiv der file de pavés, si souwäit gesat, datt no der Päischtvakanz mam Verleeë vun der récksäiteger File de pavés an de Pavéen an den Trottoiren ugefaange konnt ginn.


Gläichzäiteg gouf och de Gruef fir déi provisoresch Drénkwaasserversuergungsleitung am Kader vun der finaler Phas (4) hiergestallt.

Text a Fotoen: Serge Fonck




Neigestaltung vum Agangsberäich vu Gréiwels (vu Kietscht kommend)

No der Ouschtervakanz hunn och dës Aarbechten ugefaangen a konnte plangméisseg weidergefouert ginn sou dass während der Päischtvakanz, am Kader vun enger Vollspärung all Quergrieff realiséiert goufen, déi soss ee gréisseren Impakt op de Verkéier hätten. Doriwwer eraus ass den Abau vun der Binderschicht an der Strooss realiséiert ginn, sou dass et no der Päischtvakanz konnt mat der Hierstellung vun den neien Trottoirsflächen viru goen.



Plangauszuch: Schroeder & Associés



Text a Fotoen: Serge Fonck

www.fairtradegemeng.lu / 2026

EIS GEMENG ËNNERSTËTZT DE FAIREN HANDEL



LES VISAGES ET L'IMPACT FAIRTRADE

Derrière chaque produit Fairtrade se cachent des visages, des histoires, des mains qui travaillent. En Afrique, en Asie, en Amérique latine et dans les Caraïbes, des femmes et des hommes comme Justa, Enrique et Linner cultivent avec tout leur savoir-faire ces produits lointains qui nous régaler au quotidien. **Qu'est-ce que le commerce équitable a changé à leur vie ?**

bananes
cacao
thé

JUSTA More, membre de la coopérative Appbosa au Pérou : « Le commerce équitable signifie que nous recevons un prix juste pour nos bananes et une prime qui nous aide à investir dans l'irrigation, les puits et l'amélioration des exploitations. »

ENRIQUE Gabriel Hernandez Vasquez, cultivateur du cacao criollo, originaire de l'Amazonie au Pérou : « Fairtrade contribue à financer la formation technique que nous recevons. Le fait d'être membres d'une coopérative nous apporte un soutien considérable. »

LINNER Ruto, productrice de thé au Kenya subvient aux besoins de sa famille et aide d'autres productrices de sa communauté à s'émanciper : « Fairtrade a vraiment changé ma vie ». Découvrez-la en vidéo :

PASSEZ À L'ACTION

Comme votre commune au niveau des achats communaux, devenez un consomm'acteur et tournez-vous vers un commerce juste et durable qui donne une voix aux producteurs et travailleurs. En choisissant les produits Fairtrade lorsque l'occasion se présente (café, thé noir-vert-blanc, chocolat, sucre de canne, bananes, jus d'orange, vêtements en coton, etc.), vous soutenez :

- des **prix justes** et des **conditions de travail décentes**
- des **pratiques agricoles respectueuses** de l'environnement
- l'**égalité pour les femmes** et un **avenir meilleur pour les jeunes**

Le commerce équitable permet à chacun **de donner du sens à ses choix de consommation**.



Take Action



Wat ass lass?

Juni

20-21 Agility Turnéier,
Agilitysport Grosbous

22 Virowend Nationalfeierdag zu
Groussbus, Gemeng Groussbus-Wal

27 Klengfeldturnéier,
Club Nei Brasilien

28 Weekend vum Wëlle Westen zu
Randschelt

Juli

04 Ofschlossfest vun der Jugend,
FC Excelsior Grevels

11 Hämmelsmarsch zu Gréiwels,
Groussbus-Waler Musek

11 Gréiwelser Kiermesbal,
Club Nei Brasilien

12 Kiermesapéro zu Gréiwels,
Club Nei Brasilien

16 De Musée ass op (10h-18h),
Musée Thillenvogtei asbl

17 Summer Opening Bal,
Jeunesse Groussbus

17-19 Meet - West 2026,
Maverick Line Dance

22-25 Kannertheater,
Schankemännchen asbl

23 De Musée ass op (10h-18h),
Musée Thillenvogtei asbl

24 After Work,
FC Excelsior Grevels

25 Summerfest,
FC Excelsior Grevels

30 De Musée ass op (10h-18h),
Musée Thillenvogtei asbl

20 De Musée ass op (10h-18h),
Musée Thillenvogtei asbl

27 De Musée ass op (10h-18h),
Musée Thillenvogtei asbl

September

03 De Musée ass op (10h-18h),
Musée Thillenvogtei asbl

10 De Musée ass op (10h-18h),
Musée Thillenvogtei asbl


13 Duerffest zu Dellen,
Deller Amicale

26 Hämmelsmarsch zu Kéiber,
Groussbus-Waler Musek

August

06 De Musée ass op (10h-18h),
Musée Thillenvogtei asbl

13 De Musée ass op (10h-18h),
Musée Thillenvogtei asbl



NATIONAL- FEIERDAG

GEMENG
GROSSBUS-WAL

22. JUNI 2026


GROSSBUS WAL

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur

KlimaPakt EUROPEAN
ENERGY
AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima



Klenyfeld

Turnéier

- 27 Juni 2026 ab 10h00
- Fussballterrain Gréiwels
- Umeldung op  oder 

**Meter
Contest**



**Afterparty
mam**


DJ CS

- org. Club Nei Brasilien -

Weekend vum Wëlle Westen

& OUVERTURE GÎTE RANDSCHELT

EEN TOURISTESCHT FEST FIR GROUSS
A KLENG AM MUSÉE THILLENVOGTEI

UNE FÊTE TOURISTIQUE POUR TOUT
ÂGE AU MUSÉE THILLENVOGTEI

OFFIZIELL OUVERTURE SONNDES, DEN 28.06 UM 11H00
OUVERTURE OFFICIELLE DIMANCHE LE 28.06 À 11H00

28.06 > 10H00-18H00

Aweigung vum Gîte zu Randschelt



INAUGURATION DU GÎTE À RINDSCHLEIDEN

Dat aalt Paschtoueschhaus
zu Randschelt krut eng nei
Funktoun a kann ab elo
Reesender a senge Raim-
lechkeete begrëssen.

Entdeckt d'Renovatiounen
während der Porte-Ouverte, no
der offizieller Aweigung vum
Vakanzhaus, am Kader vum
Weekend vum Wëlle Westen.

L'ancien presbytère de
Rindschleiden s'est refait
une beauté pour à présent
accueillir des voyageurs de
passage dans ses quartiers
transformés en maison de
vacances.

Venez découvrir ces rénova-
tions lors de la porte-ouverte
organisée dans la foulée de
l'inauguration officielle du
bâtiment dans le cadre
du « Weekend vum Wëlle
Westen ».



TouristInfo Wëlle Westen
Service Tourisme Kanton Réiden

T. +352 26 33 45 - tourisme@kanton-reiden.lu



Musée Thillenvogtei

Musée Thillenvogtei



ENTDECKT WAT DE „WËLLE WESTEN“ TOURISTESCH ZE BIDDEN HUET!

GRATIS ANIMATIOUN FIR D'CANZ FAMILL

- **Gratis guidéiert Visite** vum Musée Thillenvogtei & Ateliere fir Kanner an Erwuessener
Reservation vum der fuerzt op der Plaz
- **Workshops an Infostänn** vun den touristesche Partner a Veräiner aus dem „Wëlle Westen“
- **Gratis Animatioun & Spiller fir Kanner** mwert de ganze Site verdeelt: Facepainting, Spiller aus Holz, Intërschen, Atelier Schoulstonn & Wäffelcher baken, Foto-Eck, Quizzer mat flotte Gewënner, Opdrëtter, Schülerworkshop, Bastelatelier, Live Blitz- an Häkelatelier a villen méi!
- **Issen & Gedrénks:** Grillstand, Fritten, Nuddelen, Pizzabaguette, Kuch, Panesch, Cocktails ...
- **Musikalesch Ennerhalung:**
Ab 11:00: Opdrëtter vun der Musikschoul Kanton Réiden
Ab 13:45: Concert Les Gavroches
Ab 16:30: Concert Powerblech



DÉCOUVREZ L'OFFRE TOURISTIQUE DU « WËLLE WESTEN » !

ANIMATION GRATUITE POUR TOUTE LA FAMILLE

- **Visites guidées gratuites** du musée de la Thillenvogtei et ateliers pour enfants et adultes
Reservation du créneau horaire sur place
- **Ateliers & stands d'information** des partenaires touristiques et associations du « Wëlle Westen »
- **Animations & jeux gratuits pour enfants :** face painting, jeux de bois, pêche aux canards, atelier « heure d'école » & préparation de gaufres, coin photo, quiz avec des prix fantastiques, atelier d'ardoise, atelier de bricolage, démonstration de couture en direct & atelier de crochet et bien plus encore!
- **Ravitaillement :** stand de grillades, frites, pizza baguette, pâtes, gâteaux, crêpes, cocktails ...
- **Animation musicale :**
À partir de 11h00: Représentations musicales de l'École de Musique du Canton de Redange
À partir de 13h45: Concert Les Gavroches
À partir de 16h30: Concert Powerblech



Maison 3
L-8831 Rindschleiden
Parking um Feld zu Randschelt /
Greivels Centre Nei Brasilien



Maison 3
L-8831 Rindschleiden
Parking dans les champs à Rindschleiden
Greivels Centre Nei Brasilien





Léif Frënn vu Randschelt

D'Par Atertdall Sainte-Claire an de „Gesank Nei Brasilien“

invitéieren Iech ganz härezelech op ee

**Moiesgebiet um Meditationenswee „Randschleider Pad“
dëst Joer ënnert dem Thema „Mensch sein, hier und jetzt“**

Samsdes, de 4. Juli 2026 moies um 7.00 Auer



Moiesgebiet um Randschleider Pad 2025

Gemittlechen Trëppeltour um Randschleider Pad, mat meditativen
Texter a Lidder, mä och mat Passagen vun absolutter Stëllt wou et drëm
geet de “Sound of silence” (den Klang der Stille) ze erliewen.
Jiddereen ass wëllkomm an eng Umeldung ass nit erfuerdert.

Zum Schluss vun der Wanderung invitéiert
de „Gesank Nei Brasilien“ op eng Taass Kaffi.



KIERMES WEEKEND

ZU GRÉIWELS
BEIM CLUBSALL NIEWENT
DER KIERCH

DJ CS

BAL AB
21:00



SAMSTES, 11. JULI 2026

KIERMESPATT A GRILL AB 19:00
KIERMESBAL
FRÄIEN ENTRÉE

SONNDES, 12. JULI 2026

KIERMES-APÉRO A GRILL AB 10:30
FRÄIEN ENTRÉE
ANIMATIOUN FIR KLENG A GROUSS



JEUNESSE GROSBIOUS
PRESENTS



17.07.2026

SUMMER OPENING

BACK TO 2016

NEEMAX

VVK: 6€
OWK: 10€

AM CENTRE NEI BRASILIEN ZU GREVELS



18.-26. JULI

KIDS DAYS

AN DER RÉIDENER SCHWÄMM

WAASSERSPILLER • POWER BOOTER • WETTRUTSCHEN
SPRANGSCHLASS • KLOTERBERG • KIDS SAUNA
FACEPAINTING • BBQ & SCHNEEKEREIEN

19. JULI

SCHAUM
PARTY

réidener
schwämm

reidener-schwemm.lu





Cours Initiation // Nordic Walking

FIR Ufänger

Bewegung. Natur. Gemeinschaft.

**Fir méi Gesondheet a Wuelbefannen –
an all Alter!**



Stärkt Häerz-Kreeslaf,
Muskulatur an
Ausdauer



Verbessert Haltung,
Koordinatioun an
Beweeglechkeet



Gemeinsam aktiv sinn
a nei Kontakter
knäppen



DATUMER

**19.07.2026
23.08.2026**



AUER

09.30 - 11.00 Auer



RDV

**Op dem Parking Alebësch,
Groussbus,
Richtung Léierhaff.**

Organiséiert vun der
**Sport-a Jugendkommissioun
GROUSSBUS-WAL**

Vélosummer 2026

Am Kader vum Vélosummer zerwéiere mir Iech op deenen 2 Weekender eis Pasta-Spezialitéiten zu Groussbus bei der aler Post.

Selbstverständlech suerge mir och fir den Apéritiv

Jiddereen ass häerzlech wëllkomm fir eis Pasta ze schmaachen oder den Apéritiv ze genéissen.

Agility Sport Groussbus

1ten an 2ten August 2026

Ju-Jitsu Self-Défense Club du Nord

8ten an 9ten August 2026





Café Créatif

De Fuedem deen eis verbënnt

Ateliers mobiles

Les Chemins du Luxembourg

Loosst eis zesammen e Wee an der
Gemeng entdecken.
Huel ech d'Zäit fir Är Erënnerungen
an Andréck festzehalen. Dës
Kreatiounen wäerten eng Invitatioun
zu neie Spazéiergäng sinn.

Découvrir ensemble un chemin
balisé.

Prendre un moment pour fixer ses
souvenirs, ses impressions.

Les créations serviront d'invitation à
d'autres promenades



01/09/2026

16.30 - 18.30

Veräinsbau 42, rue Principale
L-8838 Wahl

gratuit sur inscription

+352 691 85 45 04

info@amusee.net

<https://www.cafecreatif.lu>

A³ Musée
asbl

LEADER
LËTZEBUERG



Cofinancé par
l'Union européenne



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture



Café Créatif

De Fuedem deen eis verbennt

Ateliers mobiles

Empreinte

Atelier de gravure upcycling visant à favoriser la découverte du Luxembourg. Chaque participant est invité à partager ses lieux ou activités favoris. Cet échange sera le point de départ pour laisser une empreinte grâce aux différentes techniques d'impression proposées.

Upcycling-Gravurworkshops, déi d'Entdeckung vum Lëtzebuerg fërderen. All Participant ass invitéiert, seng Lieblingsplazen oder Aktivitéiten ze deelen. Dësen Austausch déngt als Ausgangspunkt fir een Androck ze hannerloosse mat de verschiddene proposéierten Drécktechniken



08/09/2026

16.30 - 18.30

Parsall 2, rue d'Arlon
9155 Groussbus-Wahl

Atelier gratuit sur inscription

+352 691 85 45 04

info@amusee.net

<https://www.cafecreatif.lu>



LEADER
LËTZEBUERG




Cofinancé par
l'Union européenne



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

A' Musée
asbl

Ganzheetleche Gediechnistraining



Wou leie meng Schlüsselen?
Mäin Akafsziedel
läit doheem um Kichendesch!
!Wéi ass mäi Pin-Code?
Wéi heescht scho méi
menger Nopesch hire Jong?

Wëllt Dir eppes géint
des kleng Vergiesslechteete maachen?
Sécher ass: net nëmmen eise Kierper brauch Training,
mee och eist Gehier, fir dass et
fit a leeschtungsfäeg ka bleiwen.
Mat lichte Beweegungs- an Entspannungstechnike
fërdere mir eis Erinnerung, eis Wahrnehmung,
eis Konzentratioun, eis Koordinatioun
an eist logesch Denken.

A 6 gesellegen Owender léiert Dir nei Leit kennen,
mat deene mir zesummen am Grupp
mat geziilten an ofwiesslungsräichen Übungen
eis gro Zellen trainéieren.

Vergiesslechteet kennt keen Alter!
Jiddereen ass Wëllkomm.



De Cours gëtt geleet vum **Lill Feinen**,
zertifizéiert Gediechnistrainerin.

Sprooch: Lëtzebuergesch an Däitsch

Wou: Am klengen Bistro zu Groussbus (al Post)

Wéini: Dënnes vum 18:30 bis 20:00

Datumer: 10.11., 17.11., 24.11.,
01.12., 08.12., 15.12.2026

Organisatioun:

Fräizäitfrënn Gemeng Groussbus-Wal a.s.b.l.

Interesséierter solle sech mellen,
vum **1. Oktober** op schankreuter@cloud.com
oder op der Telefonnummer **+352/691.838.623**
fir méi Detailler genannt ze kréien.

Déi éischt si vir.

Schwaarzt Briet



GROUSSBUS

All Méindeg - 7:00 bis 8:30

Église, rue d'Arlon

Bluttanalysen, ofgi vun Urinanalysen esou wei all aner Prouwen



Méi Informatiounen: labomobile.lu

Dir kennt iech net deplacieren?
Mat eisem Service PICKEN DOHEEM komme mir gratis op d'Adress
vun ärer Wiel, sief et bei iech Doheem oder op ärer Aarbecht.



Summer Owend OP DER SCHOCK



Freides, 26.06.2026 16h30 - 23h00

- SUMMERLECHT IESSEN & COCKTAIL BAR
- MUSIK, DANZ, ANIMATIOUN & TOMBOLA
- EISE BUTTEK ASS BIS 20 AUER OP
SAMSTES, 27.06.2026 BLEIFT DE BUTTEK ZOU

MIR VERGREISSÉIEREN EIS ATELIEREN ZU RÉIDEN.
DIR KÉNT EIS GÄREN ENNERSTÉTZEN.



ASBL OP DER SCHOCK: LU34 0090 0000 4025 0607 (CCRALLUL)
Betreff: Don Ausbauprojet

VILLMOOLS MERCI FIR ÄR ENNERSTÉTZUNG!

OP DER SCHOCK 34A ROUTE DE REICHLANGE L-8508 REDANGE / ATTERT



Creos vous informe

Le Service Gaz de Creos Luxembourg contrôle le réseau de gaz naturel.

Cette inspection périodique par roulement du réseau de gaz naturel est prévue cette année dans votre commune.

D' avril à novembre, Creos Luxembourg, effectuera l'inspection du réseau de gaz naturel et des branchements particuliers des habitations dans votre commune.

A ces fins, Creos demande aux propriétaires et locataires de bien vouloir garantir l'accès à leur terrain privé pour le contrôle de leur raccordement de gaz naturel aux agents de Creos, qui sont en possession d'une carte de légitimation.

Ce contrôle sera exclusivement exécuté à l'extérieur et ne concerne donc pas l'installation interne de votre maison, resp. immeuble. En conséquence notre agent n'a pas besoin d'entrer dans votre maison et vous n'êtes pas obligé d'être présent si votre terrain est accessible.

Cette inspection réglementaire du réseau est effectuée dans le but de garantir la sécurité des riverains et des consommateurs branchés au réseau de gaz naturel de Creos.

Le Centre Creos Gaz Roost, tél.: 2624 8734 (lundi au vendredi, de 8.00 à 11.00 hrs), est à votre service pour de plus amples renseignements à ce sujet.

Creos tient à rappeler que toute construction (jardins d'hiver, terrasses, car ports, garages...) et plantation d'arbres ou de gros arbustes sur les raccordements de gaz naturel n'est pas autorisée, qu'elle est contraire aux règlements en vigueur et peut entraver la sécurité de la distribution de gaz naturel (Règlement grand-ducal A-No.60).

L'utilisateur d'une installation à gaz intérieur est tenu de la soumettre à une inspection périodique fixée par règlement tous les quatre ans (Règlement grand-ducal A-N.60).

Creos vous remercie de votre compréhension.

Contact réseau gaz naturel

Centre Creos Gaz Roost: T 2624 8734 (de 8.00 à 11.00 hrs)



OPRUFF FIR
PRODUKTIDDIEN

Slow souvenirs Guttland



Weider Informatiounen
a Kontakt

Gitt Deel vun enger neier Produktlinn: héichwäerteg Souvenire mat klorem Bezug zur Region Guttland¹

Mir sichen > Handwierker:innen, Kënschtler:innen, Designer:innen, kleng Ateliers & Betriber, sozial Initiativen **mat coolen Iddie fir Slow Souveniren = Keng Massewuer** – mee lokal, authentesch Produkter mat enger eegener Geschicht

Mir bidden > Ënnerstëtzung, Marketing, Zougang zu Verkaufsplazen & Netzwierk

De regionalen Tourismusverband Guttland an déi 2 LEADER² Gruppen Zentrum Westen & Wëlle Westen schaffen zesummen un engem Projet fir eng regional Souvenirlinn fir d'Guttland z'entwéckelen a professionell ze vermaarten.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture



Cofinancé par
l'Union européenne

¹ Während der LEADER-Phas vum Projet, siche mir Souvenirs mat engem Lien zu follgende Gemengen : Biekerech, Biissen, Ell, Garnech, Groussbus-Wal, Habscht, Helperknapp, Käerch, Kielen, Mamer, Mäerzeg, Miersch, Präizerdau, Rammerich, Reiden, Sëll, Stengefort & Useldeng ² LEADER ass een europäesche Förderprogramm ënnert der Leedung vum Landwirtschaftsministère.

Scheck Iwwereechnung vum Interesseveräin Kéiber

Dem Prääsident vum Kéiber Interesseveräin Marc Daemen mat senger Ekip war et eng grouss Freed de Vertrieder vun der Amicale vun der Schoul fir Assistenzhënn (ASA) e Scheck vun 2.000 € z'iwwereechnen. D'ASA investéiert dës Gelder an d'Ausbildung vun Assistenzhënn, déi fir Leit mat Behënnerung eng wäertvoll Stäip am Alldag sinn.

Dës Zomm kéint aus dem Erléis vun der rezenter Editioun vun den 12 Stonne Vëlo Kéiber, déi am September 2025 erëm e grouss Succès war, a wou eng Rei sportlech Cyclisten sech mam Luc um Klapprad ronderëm Kéiber gemooss hunn.



Text a Foto: Roger Gereke

Generalversammlung „Frënn vu Patrimoine an Traditiounen“



Bei der Generalversammlung vun der ASBL war de President Servais Majerus frou fir kënnen, niewent de Veräinsmemberen, och d'Christiane Thommes-Bach aus dem Schäfferot an den Armand Olinger aus dem Gemengerot ze begrëssen.

Zu den Haaptpunkte vum Aktivitéitsbericht vum Joer 2025 huet virun allem gezielt, datt d'Renovéierung vun den Heeschpelter Weekräizer "Maeschkräiz" an d'Kräiz "op Bitscht" konnt afgeschloss ginn. Ausserdeem war dee geschichtlechen Exposé den 11. Oktober iwwert d'Resistenz am Zweete Weltkrich eng Aktivitéit, déi eiser Organisatioun vill Luef bruecht huet.

Fir d'Joer 2026 huet de Veräin sech ënner anerem virgeholl aktiv matzemaachen beim "Weekend vum wëlle Westen", den 28. Juni zu

Randschelt. Eise Veräin bitt do eng Féierung an der Kierch un. Ausserdeem ass geplangt de 9. Oktober am Kader vum Commemoratiounsday un déi Matbierger aus eiser Gemeng ze erënnere, déi während dem Zweete Weltkrich a Prisongen, KZter oder Gefaangenelager inhaftéiert waren.

Zum Schluss vun der Versammlung huet déi 1. Schëffin, Christiane Thommes-Bach, dem Veräin Merci gesot fir hiren Asatz zu Gonschte vum Gemeengepatrimoine a vill Erfolleg bei weidere Projeten gewënscht.

De Komitee vun der ASBL setzt sech zur Zäit follgendermoossen zesummen: Servais Majerus (President), Ferber Jean (Sekretär), Jeanny Majery (Keesière), Anny Risch, Josette Peiffer a Winfried von Loë (Member).



Frënn
vu Patrimoine
an Traditiounen
A.s.b.l. N° RCS: F13293

Text: Jean Ferber, Fotoen: Antoinette Ney

Neies vun den ASBLen „Frënn vun der Bëschrieder Kierch“ a „Wahler Kierch“

D'Generalversammlung vun deenen zwou ASBLen war de 26. Mäerz 2026. D'Frënn vun der Bëschrieder Kierch hu mat enger Gedenkminutt un de Marcel Pepin ugefaang. D'ASBL wäert de Marcel als treie jovialen an hëllefsbereete Member a beschter Erënnerung behalen. Dem Josée an der Famill gouf een oprichtegt Bäileed ausgedréckt.



Am Aktivitéitsbericht vun der Bëschrieder ASBL gouf ënner anerem den Ausfluch op Rochefort a St. Hubert revuepasséiere gelooss. Haaptpunkte vum Budget fir d'Joer 2026 sinn d'Albinusfeier am Mäerz, de Weekend vun den oppene Kierchen am Juni an d'Wurzelkrëpp an der Advents- a Chrëschtzäit. Zousätzlech gouf sech virgeholl d'Kräiz um "Doudewee", dat zënter laangem verschwonn ass, erëm nei op ze richten. Am Laf vun dësem Joer solle Gespréicher mam Proprietär an deenen zoustännegen Instanze gefouert, an déi néideg Geneemegungen ugefrot ginn.

D'Frënn vun der Bëschrieder Kierch hunn zur Zäit 19 aktiv a 26 Éierememberen. Zousätzlech Memberen si wëllkomm. De Komitee setzt sech follgender Moosen zesummen: Jean Ferber (President), Léon Diseviscourt (Vizepresident), Paul Barbosa (Sekretär), Georges Bourg (Kessier) an Olga Huet (Member).

Bei der „Wahler Kierch Asbl“ konnt d'Presidentin Anny Mäusen-Ney niewend de Veräinsmemberen och de Buergermeeschter a 4 weider Membere vum Schäffen- a Gemengerot begrëssen. Wichteg Punkten aus dem Aktivitéitsbericht vun der ASBL waren déi verschidden Ausstellungen an der Kierch an d'Jousefsfeier zu Wal, souwéi d'Willibrordusfeier op Päischten zu Randschelt. Am Budget fir 2026 sinn ënner anerem Gelder virgesi fir d'Renovéierung vu Chouerstill.



Gutt Stëmmung während der Generalversammlung



Text: Jean Ferber, Fotoen: Antoinette Ney

Interessante Besuch an der Kierch zu Randschelt

Sonndes, den 10. Mee war ee Grupp vu ronn 60 russesch-orthodox Pilger zu Randschelt op Besuch. Ziel vun hirer Wallfaart war d'Begéinung mam Hl. Willibrord, deen och bei hinnen héich veréiert gëtt.

De Priister vun der russesch-orthodox Kierch St. Pierre et Paul vu Lëtzebuerg gouf mat sengem Grupp vum Buergermeeschter Paul Engel, dem Josette Peiffer an dem Pascale Barth empfaang a wëllkomm geheescht. Déi Randschelter Kierch mat hire Freskemolereien a virun allem och der Monstranz mat der Reliquie vum Hl. Willibrord hu groussen Uklang beim Grupp fonnt.

No enger reliéiser Feier mat Gebieder, Gesank a Veréierung vun der Willibrordusreliquie gouf de Pilger de Seege vum Hl. Willibrord gespent.

Duerno kruten d'Gäschts zousätzlech Erklärungen zur Geschicht vun der Kierch an hirer Relatioun mam Hl. Willibrord.

Ofschléissend bedankt sech de russesch-orthodoxe Priister am Numm vum Grupp bei deene Responsabele vun der Kierch fir hier Zäit, déi si sech geholl hate fir de Grupp ze empfänken, mee och fir hier benevoll Aarbecht zu Gonschte vun der Kierch am Allgemengen. Als Merci goufen 2 Ikonen iwwerreecht, déi elo zum Besëtz vun der Kierch gehéieren.

Utschléissend stoung nach eng Visite-guidée vum Musée Thillenvogtei um Programm.



Text: Jean Ferber, Fotoen: Pascale Barth

Dëschtennis Groussbus-Mäerzeg

Coupe de la Waark 2026

Éreischt dräi Deeg war d'Joer 2026 al, wéi d'Dëschtennis-Spiller vum DT Groussbus-Mäerzeg schonn op hieren éischte groussen Rendez-vous zu Mäerzeg an der Sportshal haaten : déi 40. Coupe de la Waark. Zënter hirer Grënnung gëtt dës Traditionscoupe tëscht de Veräiner ausgedroen, déi un der Waark leien: DT Ezella Ettelbréck, DT Feelen, DT Groussbus-Mäerzeg an DT Welschend.

Och dëst Joer gouf et de ganzen Dag iwwer flott a spannend Matcher, bei deenen – trotz aller Frëndschaft – ëm all eenzelen Punkt gekämpft gouf. D'Coupe gouf dëst Joer vum DT Welschend gewonnen, virum DT Groussbus-Mäerzeg, dem DT Feelen an dem DT Etzella Ettelbréck.

No de kompetitive Momenter hunn d'Spiller zesumme mat de Responsabele vun de jeeweilege Veräiner e puer gemittlech Stonnen am Restaurant MBAO verbruecht. Bei engem gudde Maufel goufen Erënnerungen un déi vergaangen Oplagen ausgetosch, déi eng oder aner Anekdot erzielt – an natierlech och vill gelaacht.



Grand-Prix Waarkdall 2026 vum DT Groussbus-Mäerzeg

Den 1. Mee hunn sech – wéi all Joer – Dëschtenspiller a Spillerinnen aus dem ganze Land zu Mäerzeg fir de 16. Grand-Prix Waarkdall getrafft. Vun 8.30 moies bis 20.30 Auer owes gouf an de verschiddenen Kategorien intensiv ëm Punkten, Setzer a Plaze gekämpft.

Dass an all eenzelem Match konsequent ëm all Punkt gekämpft gouf, dovun huet sech och de Buergermeeschter vu Groussbus, Pol Engel, bei sengem Besuch am Nomëtteg perséinlech iwwerzeegt. Mat insgesamt 270 Aschreiwunge war den Turnéier ganz gutt besicht, an d'Stëmmung wor de ganzen Dag iwwer sportlech, engagéiert an dynamesch bliwwen.

Ee vun de Spiller aus dem Veräin huet et fäerdeg bruecht, eng Plaz um Podium ze erreechen. Dëst war de jonke, motivéierte Tomas Goncalves Perdigao vu Mäerzeg, deen eng staark 3. Plaz a senger Kategorie erspillt huet.



Generalversammlung vum Dëschtennis Groussbus-Mäerzeg

De 15. Mee 2026 huet d'Generalversammlung vum Dëschtennis Groussbus-Mäerzeg an der Weiherssäift zu Groussbus stattfonnt. De President Alain Freymann huet all Memberen, Spiller, Frënn a Gäscht häerzlech begrüsst.

Am Aktivitéitsbericht gouf mat vill Freed op déi sportlech Leeschtungen an déi villfältig Aktivitéite vum Veräin zeréckgekuckt. Besonnesch ervirgehewe goufen d'Jugendspiller, déi mat vill Engagement all Woch op den Training kommen an däitlech Fortschrëtter maachen – e kloert Zeeche fir déi gutt Aarbecht.

Duerno huet de Keessier de finanzielle Bilan presentéiert. D'Finanze vum Veräi stinn op gesonde Féiss, an d'Memberversammlung huet d'Keess no engem positive Rapport vun de Keeserevisoren eestëmmeg entlaascht.

Bei de Comitéwale goufen all Membere confirméiert. De President huet d'Geleeënheet genotzt, fir all Membere a Nit-Membere ze luewen, déi sech – ob bei den Trainings, an der Organisatioun oder bei Manifestatiounen – mat vill Häerzblutt fir de Veräin asetzen.

Zum Schluss gouf de Bléck op déi kommend Saison gericht, déi e puer flott Manifestatiounen am Gepäck huet. Ennert aanerem ass ze erwähnen dass 30 Joer Fusioun tëschen deenen zwee Veräiner gefeiert gëtt. Mä nit nëmmen e Gebuertsdag gëtt gefeiert : 60 Joer Dëschtennis Groussbus (gegrënnt 1966) a 50 Joer Dëschtennis Mäerzeg (gegrënnt 1977).

E wichtege Rendez-vous, deen elo scho feststeet, ass den FLTT-Kongress zu Mäerzeg am Centre Turelbaach, eng Manifestatioun, op déi de Veräin sech besonnesch freut.

No der offizieller Versammlung goufen d'Memberen an d'Gäsch op e gemittlecht lessen am MBAO zu Mäerzeg invitéiert, wou den Owend an enger flotter, häerzlecher a geselleger Atmosphär ausgeklungen ass.



Jeunesse Grosbous

Generalversammlung 2026

Den 25. Januar hu mir eis Generalversammlung ofgehaalen an 4 Kommitteesmemberen verabschied.

Mir soen hinnen (Lola Bollendorff, Sam Roelandt, Laurent Doornbusch, Jacques Scheer) e grouse Merci.

De neie Komitee sëtzt sech folgenderweis zesummen:

Presidentin : Tessy Goelff

Vize-President : Remy Weis

Sekretärin : Lynn Olinger

Keessieren : Pol Feltgen a Max Don

Bäisëtzend : Anne Sonntag, Alyssa Klos



1. Mee

Traditionnell hu mir och ërem dëst Joer 6 Meekränz an der Gemeng verdeelt.

Apéro fir d'Fuesend

Dëst Joer hu mir en Apéro am Stil vun der Fuesend, zu Groussbus am Café organiséiert.


Micky Maus Bal bei der Groussbus-Waler Musék.



Landjugenddag



Karting



Nuetstournoi zu beim Club des Jeunes Mäertzeg



D'Kanner vum Schankemännchen



Pünktchen und Anton



Erich Kästner / Jemp Schuster

22. 23. 24. 25. Juli 2026
20:00 Auer

TEPPEL-ANTON

zu Groussbus am Prommenhaff
FRÄILIICHTKANNERTHEATER
Reservatioun: 671 222 224
www.schankemaennchen.lu



TËPPEL AN TUN

Do denkt een dach direkt: Wat ass dat da fir e komeschen Titel? Dat stëmmt, et ass schonn e bësse verréckt. Tëppel an Tun heescht am Original Pünktchen und Anton. Et ass e Roman, deen den Erich Kästner am Joer 1931 geschriwwen huet. Mir hunn en Theaterstück draus gemeet.

D'Tëppel ass e Meedchen aus engem räichen Haus, säi Papp ass en Direkter a seng Mamm eng Charity Lady, déi awer ni Zäit fir hiert Kand hunn. Den Tun ass en aarme Jong, dee seng krank Mamm muss versuergen. Fir ze iwwerliewe verkeeft en nuets Schungstréckelen op der Gaass. Do léiert en d'Tëppel kennen. Well hatt ass och nuets ënnerwee. Et verkeeft Fixspéin. Net aus Nout, mee aus Langweil an och, well et sengem Kannermeedche Milka wëllt hëllefen. Dat gëtt nämlech vu senger falscher Frëndin Bella Mafiosa erpresst. Méi soe mer elo net, soss hu mer schonn déi ganz Geschicht verroden.

D'Kanner vum Schankemännchen, et sinn der 24 am Alter vu 5 bis 12 Joer, huelen iech mat op Berlin an d'Joer 1931. D'Musek gëtt live vun engem Kannerorchester gespillt, deen och de Gesank an den Danz begleet.

Produktioun	Regie	Kostümer
De Schankemännchen	Clod Thommes, Michèle Turpel	Lina Seyler
Text	Inspizienz	Maquillage
Erich Kästner	Claire Barbosa	De Schankemännchen
Iwwersetzung an Adaptatioun	Toun a Belichtung	Coiffuren
Jemp Schuster	Amplitude	Studio Creation by TC
Musek/Arrangementer	Bünebau	Zeechnung a Layout
Jemp Schuster	De Schankemännchen	Ella Ries

Entrée: 18€ (10€ fir Kanner a Jugendlecher ënner 18 Joer)

Et spille mat: Milly Arendt; Paul Arendt; Charlie Bernard; Millie Bernard; Lex Caas; Meggie Colbach; Yannie Colbach; Léonie Deutsch; Emilie Ewert; Liz Faber; Jo Frank; Mira Marnach; Lou Martiny; Maud Martiny; Pauline Reding; Leo Reinig; Marie Rodesch; Ben Schmit; Tun Schmit; Viola Simon; Mimi Wenger Rockel; Pixie Wenger Rockel; Mina Weis; Moritz Weis



Fotoen: Andreas Schindler



Neiegkeete Groussbus-Waler Musek

Déi lescht Méint ware gutt gefällt bei eis am Veräin. De 6. Dezember hate mir eisen traditionellen Optrëtt zu Randschelt um Adventsmaart, dëst Joer a Präsenz vum Kleeschen.

Den 13. Dezember hu mir eise Wanterconcert zu Groussbus an der Kierch gespillt. Den Dag duerno hu mir dëse Concert nach eemol zu Léglise gespillt wou mir och puer Stécker zesumme mat der Harmonie Royale St Martin vu Léglise gespillt hunn.

Als Ofschloss vum Joer ware mir de 19. Dezember op de Stater Krëschtmaart.



Den 18. Januar huet eis Generalversammlung stattfonnt, wou mir 2 nei Kommitteesmembere konnte begrëissen: D'Josée Degros an d'Anne Sanavia.

Du war et den 31. Januar un eistem traditionelle Präismaskebal dem „Micky Maus Bal“.

Den 28. März konnte mir an och eise Jugendorchester an enger vollbesatener Sportshal déi Stécker präsentéieren déi mir an den éischten 3 Méint vum Joer ageprouft hunn.

Déi éischt Kiermessen hunn och net laang op sech waarde gelooss, a sou hu mir zu Heeschpelt an och zu Wal den Hämmeismarsch gespillt, merci jidderengem fir déi finanziell Ënnerstëtzung an och deen een oder aner Patt. Fir d'Heeschpelter Kiermes hu mir och nach ee Kiermesconcert gespillt.



Den 1. Mee hu mir eis Moies zu Bëschrued am Bësch getraff an hunn zesumme mat eiser Jugend ee Meekranz fir eise Musekssall gemaach an den Dag duerno gemitterlech ausklénge gelooss.

De 17. Mee ware mir dunn nach op d'Marche Musicale vun der Wëntger Musik wou mir mat enger 1. an enger 2. Plaatz belount goufen.

Hei nach d'Informatioun dass eise Jugendorchester op der Sich no neie Memberen an hire Reien ass. Am September organiséiere mir dofir eng Porte-Ouverte. Informatiounen dozou fannt Dir op eise Internetseite.

Op eise Internetseite www.gwm.lu fannt Dir awer och nach vill méi Fotoen an Informatiounen vun eisen Eventer an Aktivitéiten. Dir fannt eis awer och op facebook an instagram.





HUES DU LOSCHT MUSEK ZE MAACHEN ?

Zesumme Musek maachen
Nei Kollegen treffen
Spaass an enger flotter Grupp hunn



PORTE OUVERTE JUGENDORCHESTER

Groussbus-Waler Musek



 17 18. September 2026

 18 Auer

 Bëschrüed am Musiksall

Eng kuerz Prouf & Kennelérieure
fir Kanner, déi schonn mindestens
1 Joer en Instrument spillen.



 Mell dech un :

 Ann Gengler : 661 205 082

 info@gwm.lu

www.gwm.lu

Musée Thillenvogtei

Ausstellung "Kräizer Simchen

Am Kader vun Kult-Duerf Randschelt 2026 konnten d'Visiteuren eng Ausstellung iwwer de Kräizer Simchen am Musée entdecken. Den Nicolas Simon, gebuer zu Beefort 1871 an do gestuerwen 1947 war senger Liefzäiten ëmmer schonn um Tour, kee Wonner hie war Hauséierer. Vu senger Heemecht am Mëllerdall aus huet hien den Zuch an d'Éislek geholl an ass dann zu Fouss vun Duerf zu Duerf getrëppelt an huet seng Wuere probéiert un de Mann ze kréien. Nieft senger selwer gemaachte Kierf a Still a villem méi war hie landeswäit bekannt fir seng eenzegaarteg Kruzifixen. Déi huet hien an de laange Wanterméint doheem gemaach.

Fir seng Kräizer ass hie vill an de Bëscher ronderëm Beefort gewandert op der Juegd no speziellem Holz, wéi z.B. knuarreg Wuerzelen oder Holz vu kranke Beem, wat ganz speziell Forme konnt hunn. Hien huet awer och Juegd op Wëld gemaach

an dat a Bëscher wou hie keng Juegd gepacht hat. Hien war also och Braconnier an huet dorausser keen Heel gemaach, wéi en an enger Reklam an der satirescher Zeitung „De Guckuck“ gesäit.

Dem Nico Hamen ass et gelongen eng 20 däerf Kruzifixen zesummenzedroen. Seng ëmfangräich Recherche huet eng Broschüre vun 32 Säiten ervirbruecht. Déi vill interessant Artikelen, Fotoen an Informatiounen konnten op véier informative Panneauen zesummegedroe ginn, déi duerch e Panneau a "leichter Sprache" ergänzt ginn. D'Ausstellung war vum 24. Abrëll bis den 10. Mee zu Randschelt ze gesinn. Vum 11.-17. Mee konnt en de Simchen a seng Kräizer zu Bënzelt gesinn an iwwer Päischten am Simchen senger Heemecht zu Beefort.

Domat huet d'Expo dem Simchen seng Aart a Weis iwwerholl an huet en Tuer duerch d'Land gemaach. Dofir war et net verwonnerlech, dat de Projet an de Genoss vun engem Leader-Umbrella Projet komm ass, etabléiert hei am Wëlle Weste konnten direkt och d'Regiounen Éislek a Mëllerdall vum Nico Hamen senger wonnerbarer Aarbecht profitéieren.



Lumudays am Musée Thillenvogtei


Direkt eng Woch dono huet de de Musée seng Dieren erëm opgemaach fir déi traditionell Lumudays. De 16. a 17. Mee hu ronn 170 Visiteuren profitéiert de Musée ze besichen. Vill flott Aktivitéiten si gebuede ginn. Grouss a kleng konnten déi zwee Deeg hëllefen Brout baken. D'Brout ass am Schloss un den Atelier verkaf ginn. Wann den Deeg huet misse rouen, konnten d'Kanner e Rallye duerch de Musée maachen, dobäi hunn si gutt misse kucken fir sou munch Detailler ze gesinn, déi engem soss vileicht net opfalen. Wann si sech dann nach e Sprangseel gedréint hunn, war et och scho rëm Zeit fir nom Brout kucken ze goen. Och um Späicher ass rëm geraumt ginn a vill Leit hunn eppes Flottes um Floumaart an der Scheier fonnt. Als klengen Highlight sinn d'Kuerzfilmer „A Drive Through Time“ a „Scraps“ gewise ginn. Den éischten ass och gréisstendeels zu Randschelt an am Musée gedréint ginn. Och kulinarisch sinn d'Leit verwinnt ginn. Highlight waren dobäi wéi ëmmer d'Flamekuchen, déi iwwer d'Mëttesstonn am alen Uewe vum Musée gebak gi sinn, wéi ëmmer e Genoss.

Text a Fotoen vun de Kräizer: Musée Thillenvogtei

Fotoen: OliGlod Photography



Fotoen aus der Gemeng



Fotoen: Claude Clemens

Fotoen: René Kleman



De leschte Schmatt vu Bëschrüed

Zur Erënnerung un de Marcel Pepin.

Ganz Bëschrüed war schockéiert wéi et den 8. Mäerz geheescht huet: „Wiltges Marcel ass dout“.

De Marcel, zu Bëschrüed villfach einfach „de Schmatt“ genannt, war ee vun eise gudden Noperen, deen nach regelméisseg bei eis laanscht koum, nodeems hien a Pensioun an d'Schmëtt verkaaft war. Just e puer Deeg viru sengem Dout war de Marcel nach mat enger klenger Reparatur a mengem Atelier, fir déi eng Dréibänk gebraucht gouf. Kee vun eis hat eng Anung datt mir eis ni méi géifen erëmgessinn.

De Marcel war awer och een treie Member vun de „Frënn vun der Bëschrieder Kierch“. Vun der éischter Stonn u war hien als aktive Member mat derbäi, an huet eng Hand ugepackt do wou et néideg war.

Och bei der „Bëschrieder Jugend“ war de Marcel aktiv agebonn, virun allem an deer Zäit wou nach eng d'Buerg gebrannt, ee Meekranz gebonn, oder ee Rally organiséiert gouf a wou nach Duerffester a Kiermesbaler um Programm stoungen.

An da gouf et jo och nach „dem Schmatt“ seng Klientell, déi regelméisseg an d'Schmëtt koum fir een Handel ze maachen, oder wann eng Reparatur un enger Maschinn néideg war. De Marcel war bekannt als Spezialist fir Ersatzdeeler obzedreiwen déi eigentlech néierens méi ze kréie waren. Fir stonnelaang Recherchen um Internet ze maachen huet hie sech nit beschwéiert. Bis spët an d'Nuecht hunn dachs d'Luuchten am Marcel sengem Büro nach gebrannt.

Nom Doud vum Marcel gött et kee Schmatt méi zu Bëschrüed, oder vläicht awer nach? D'Statu vum Hl. Eligius, de Patréiner vun de Schmatten gouf 2021, also viru 5 Joer nom Doud vum Hilda, vun der Famill Pepin gestéft an huet elo eng Éiereplaz an der Bëschrieder Kierch.

Et gött also dach nach ee Schmatt am Duerf, a mir ginn dervun aus datt den Hl. Eligius wäert gläich hannert der Himmelsdier gewaacht hun, fir de Marcel opzehuelen an de Krees vun deene Bëschrieder Schmatten, déi schonn an der Éiwegkeet sinn.

Zu deenen zielt sécher de Felix Pepin, dem Marcel säi Papp, deen am November 2017 am Alter vu 84 Joer gestuerwen ass.

Den Nicolas Wiltgen, dem Marcel säi Grousspapp, war de leschten Houfsmatt am Duerf. Hien huet dës Welt am November 1966 am Alter vu 76 Joer fir ëmmer verlooss.

Dem Hilda säi Brudder, de Marcel Wiltgen, hat mat grousser Begeeschterung d'Schmattenhandwierk bei sengem Papp geléiert a sollt de Betrib weider féieren, mä du koum de Krich. De Marcel Wiltgen gouf zwangsrekrutéiert an ass leider nit méi aus Russland zrëck koum. Déi fer-forgé s Dir vum Olga Huet senger Kapell ass Zeie vum Marcel Wiltgen sengem berufflechen Talent.

Awer och de Martin Guirsch gehéiert derzou. Och hie war Schmatt zu Bëschrüed. Seng Schmëtt war tëschent „Péitiches“ a „Staffelesch“. Am Februar 1890 war hie mat Houfeisen ënnerwee op Wooltz. Am Alter vun nëmmen 31 Joer ass hien an der „Froen“ tëschent Bous a Gréiwels un Häerzversoe gestuerwen an hannerléisst eng Fra mat 3 kleng Kanner. Dem Martin séint Kräiz op der Strooss Groussbus-Gréiwels erënnert bis haut un dëst tragescht Ereegnis.

Erlaabt mer vun hei aus, am Numm vun de Bëschrieder Leit, an am Numm vum Marcel senge Frënn a Bekannten him nach eemol ee leschte Merci ze soe fir alles wat hien zum Wuel vum Duerfliewen zu Bëschrüed bäigedroen huet, awer och fir säin Engagement bei de Gréiwelsser Pompjeeën a bei der Protection Civile zu Réiden. Merci der Famill fir den Don zu Gonschte vun de „Frënn vun der Bëschrieder Kierch“.

127 Donen eleng un eis ASBL sinn ee kloer Beweis fir dem Marcel säi grouse Frëndeskrees. Ech si mer sécher, datt „de Schmatt Marcel“ nach soubal nit wäert vergiess ginn.



Äddi Schmatt



Um 1. Mee hunn eng Rei fréier Membere vun der Beschrieder Jugend de flotte Brauch vum Meekranz erëm opliewe gelooss fir dee speziellen Ulass vum Marcel Pepin senger 6 Wochemass, deen eis leider vill ze fréi verlooss huet; op dësem Wee wollte mir eisem Schmatt vu Beschrued engersäits Merci soe fir di onvergessleche Momenter, déi mer mat him hunn duerften erliewen, an anerersäits senger Partnerin, senger Gesëchter, der ganzer Famill eis Sympathie erweisen an hinne versécheren, dat mir alleguerten, wéi mer hei zesumme waren, de Schmatt vu Beschrued op éiweg a gudder Erënnerung wäerte behalen, a sécherlech sou bal net wäerte vergiessen.

Text: Roger Gereke; Fotoen: Jang Ferber a Joëlle Ferber

Fotoe fir de Gemengenarchiv

Fir u kuerzem sinn d'Milly an de Carlo Bock-Neiertz un eis erugetruede mat der Fro wien eventuell kéint u Fotoe vu Randschelt aus de 1960er Joren interesséiert sinn. Hiere Wonsch wier et, datt d'Albume vun der "Tata Pauline", déi während laanger Zäit dem Paschtouer Herber vu Randschelt de Stot gemaach huet, sollen erhalen an eventuell kënne fir Interessenten zougänglech gemaach ginn.

Natierlech huet eis Gemeng sech nit laang fléiwe gelooss fir dës wäertvoll Fotosammlung an de Gemengenarchiv opzehuelen. Nodeems d'Antoinette Ney-Schuler all Foto gescannt hat ass dës Sammlung mat hire ronn 300 Biller elo nit nëmmen op Pabeier mee och digital verfügbar a ka bei Bedarf benotzt ginn.

Een decke Merci dem Milly a Carlo Bock-Neiertz fir dës schéine Gest. Merci och dem Antoinette Ney-Schuler fir d'Digitaliséierung.



Pauline Neiertz 1996



Abbé Aloyse Herber



Mat de Massendinger ënnerwee 1953

Text a Fotoen: Jean Ferber

Wandmillen duerch Rammerech

Fotoen: Charles Reiser



Fotoen: Marie Anne Kohl-Gremling





MONEY MULING

ACHTUNG VOR LEICHTVERDIENTEM GELD!

**„MONEY MULING“
IST GELDWÄSCHE UND VERBOTEN.**



Kriminelle überweisen
illegal erwirtschaftetes
Geld an sogenannte
„Money Mules“.



„Money Mules“ leiten das Geld an ein
drittes Konto weiter oder zahlen es einer
anderen Person in bar aus.



Im Gegenzug erhält der „Money Mule“, der sein
Konto für die Transaktion zur Verfügung stellt,
eine Art **Kommission**.



Als „Money Mules“
werden häufig **junge
Menschen** über **soziale
Medien, Messenger-
Dienste** oder über
vage Bekanntschaften
angeworben, die sich
nicht darüber im Klaren
sind, dass dies **illegal** ist.

ACHTUNG!

„Money Mules“ riskieren strafrechtliche
Konsequenzen und hohe Sanktionen,
einschließlich einer **Freiheitsstrafe** von
einem bis fünf Jahren und/oder einer
Geldstrafe von 1250 – 1250 000 Euro.



RATSCHLÄGE

- Seien Sie vorsichtig, wenn jemand Ihnen **schnelles** und **leichtverdientes Geld** anbietet;
- Stellen Sie **nie** Ihr **Konto** oder Ihre **Bankkarte** anderen Personen **zur Verfügung**;
- Geben Sie keine **Bankdaten** an unbekannte Personen weiter;
- Nehmen Sie nie Geld an, **dessen Herkunft Sie nicht kennen**;
- Überweisen Sie nie auf Wunsch einer anderen Person Geld auf **ein unbekanntes Konto**.

Wenn Sie den Verdacht haben, als „Money Mule“ missbraucht worden zu sein,

**stoppen Sie sofort jede Art von Transaktion und wenden Sie sich umgehend an ein
Kommissariat Ihrer Wahl.**



NACH NI WAR ET ESOU LIICHT, ENG SOLARANLAG ZE INSTALLÉIEREN WÉI MAM PREFINANZEMENT.



klima-agence.lu

Mat eiser gratis an
onofhängeger Berodung,
de Klimabonus-Bäihëllef
an der neier Optioun vum
Prefinanzement kënnt Dir
ganz einfach Ären eegene
Stroum produzéieren.




LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG



**klima
agence**

Shaping our
future together



Investir dans des panneaux solaires est une démarche pertinente pour réduire les coûts énergétiques à long terme. Toutefois, le financement initial peut représenter un obstacle. Le préfinancement étatique facilite considérablement cette étape.

Que signifie le préfinancement ?

Dans le cadre du préfinancement, l'entreprise artisanale exécutante introduit directement la demande de subvention auprès du ministère de l'Économie. La part subventionnée des aides Klimabonus est ensuite déduite de la facture finale. **Les clients ne paient dès lors que ce qui reste à leur charge**, tandis que l'entreprise reçoit le montant de l'aide au plus tard dans un délai de quatre semaines.

Pour les bénéficiaires, cela signifie qu'aucune avance totale n'est nécessaire et que la charge administrative est réduite. L'entreprise artisanale prend en charge l'ensemble de la procédure.

Simulez les aides étatiques pour votre installation solaire sur aides.klima-agence.lu.

Conditions d'éligibilité

Le préfinancement s'applique uniquement aux :

- installations photovoltaïques sur des **bâtiments résidentiels** ou comprenant au moins une unité d'habitation
- installations fonctionnant **en mode autoconsommation** (sans tarif d'injection garanti)
- offres signées **au plus tard le 31.12.2029**
- demandes de subvention introduites **avant le 31.12.2031**
- factures dont les acomptes déjà versés ne dépassent pas **30 % du montant final TTC** tel que projeté dans l'offre signé par le demandeur
- entreprises artisanales inscrites au **registre des entreprises autorisées pour le préfinancement**
- installations photovoltaïques seules ou combinées à un système de batterie.

Comment se déroule la procédure ?

1. **Signature de l'offre** : l'offre de l'entreprise doit être signée au plus tard le **31.12.2029**. Le mandat pour le préfinancement est signé au même moment.
2. **Introduction de la demande** : l'entreprise enregistrée introduit la demande de préfinancement auprès du ministère de l'Économie sur myguichet.lu.
3. **Installation de l'équipement** : une fois la demande approuvée, l'installation est réalisée. L'installation doit fonctionner en **mode autoconsommation**.
4. **Facture finale** : le montant préfinancé ainsi que les **acomptes versés** sont directement déduits. Les clients ne paient que le solde restant.
5. **Versement et attestation** : l'entreprise reçoit la subvention au plus tard quatre semaines après l'introduction de la demande. L'entreprise et le client reçoivent une attestation mentionnant le montant accordé, permettant au client de solliciter d'éventuelles **aides communales** complémentaires.



Scannez le code QR pour plus d'informations sur le préfinancement



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Conseil indépendant et gratuit
klima-agence.lu • 28 33 44



Et si, avec l'installation d'une pompe à chaleur, vous pouviez allier confort et énergie durable ?

La pompe à chaleur est une technologie de chauffage moderne et performante. Elle capte l'énergie de l'air, du sol ou de l'eau et la transforme en chaleur pour votre logement. Résultat : une baisse des factures et une réduction durable des émissions de CO₂.

De nombreuses idées reçues circulent : réservées uniquement aux planchers chauffants, inefficaces en hiver ou trop coûteuses. La réalité est bien différente : les pompes à chaleur fonctionnent de manière fiable même par basses températures, conviennent aussi aux bâtiments existants, offrent un grand confort et nécessitent peu d'entretien.

Le passage à la pompe à chaleur devient encore plus intéressant grâce aux avantages financiers : aides étatiques, communales et ceux des fournisseurs d'énergie.

Pour bien démarrer, profitez du **conseil gratuit et indépendant** de Klima-Agence. Des outils pratiques sont également à votre disposition :

- la **check-list pompe à chaleur** pour les particuliers, qui résume clairement tous les points essentiels de la planification à l'exploitation et aide à préparer et réussir votre projet : klima-agence.lu/installation-pac
- Le **simulateur des aides**, pour simuler les montants disponibles (aides étatiques Klimabonus, subventions communales ou programmes des fournisseurs d'énergie) : aides.klima-agence.lu




LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Conseil indépendant et gratuit
klima-agence.lu • 28 33 44



Die Heubörse für Luxemburg

Finden Sie das perfekte Heu für Ihre Tiere,
unterstützen Sie regionale Heuanbieter!



- 👉 **Anzeigen aufgeben:** Gesuch für Qualitätsheu – einfach & kostenlos
- 👉 **Heuanbieter in Ihrer Nähe finden:** Die besten Angebote schnell auf einer interaktiven Karte finden
- 👉 **Gezielte Suche:** kräuterreiches Heu, Bio-Qualität, Ballenformat & -größe und zahlreiche weitere Filtermöglichkeiten
- 👉 **Direkte Kontaktaufnahme:** Angebote vergleichen & individuelle Vereinbarungen mit Verkäufern treffen
- 👉 **Regionale Heuwirtschaft stärken:** Kaufen Sie direkt bei Landwirten aus Luxemburg



Durch den Kauf von kräuterreichem Heu von **extensiv genutzten Wiesen** (ohne Düngung und Pestizide, später Mahdtermin, Fläche unter Vertragsnaturschutz) unterstützen Sie die Erhaltung unseres artenreichen Grünlandes. Dieses Heu eignet sich gut für die **Fütterung von Pferden, Jungvieh, Mutterkühen sowie für Kleintiere wie Kaninchen oder Meerschweinchen.**

Melden Sie sich kostenlos an und finden Sie das passende Heu für Ihre Tiere!

hier geht's
zur Webseite



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité



Die Heubörse wird durch das Naturschutzsyndikat SICONA mit der finanziellen Unterstützung des Ministeriums für Umwelt, Klima und Biodiversität betreut.



Section Kanton Réiden

Die Wasseramsel - ein typischer Bewohner von Attert und Roudbaach.

Viele Vogelarten sind an Feuchtgebiete angepasst, doch nur sehr wenige brüten ausschließlich an Fließgewässern, also Flüssen und Bächen. Neben der Wasseramsel (Waassermärel), sind dies noch die Gebirgsstelze (Wanterpanewippchen) und, sehr selten, der Gänsesäger (Grousse Seeër).

Die Wasseramsel hat unter den Singvögeln eine einzigartige Lebensweise: sie kann schwimmen und tauchen und sucht ihre Nahrung auf dem Grund schnellfließender Bäche. Da sie leichter als Wasser ist, würde sie ohne besonderen Trick wie ein Korken an die Wasseroberfläche schnellen. Um dennoch unter Wasser zu bleiben, nutzt die Wasseramsel die Strömung aus: sie läuft mit schrägt nach vorn gebeugtem Körper über den Bachgrund, so dass die Strömung sie regelrecht nach unten drückt. Im Gegensatz zu anderen Singvögeln hat sie auch ein höheres Gewicht, da bei ihr fast alle Knochen mit Mark gefüllt sind. Fünf bis zehn Sekunden bleibt die Wasseramsel untergetaucht, im Höchstfall schafft sie sogar 30 Sekunden. Die Wasseramsel ernährt sich von Larven verschiedener Wasserinsekten, z.B. Köcherfliegen, die in den Ritzen zwischen den Steinen oder auf deren Unterseite leben. Sie kann sogar kleine Steine mit dem Schnabel fortschleudern und etwas größere beiseiteschieben um an die Larven zu gelangen.

Die Wasseramsel ist perfekt an das Leben in kalten Bächen angepasst - sie besiedelt auch Fließgewässer im Hochgebirge oder in Nordskandinavien - so dass eine gute Isolation sehr wichtig ist. Daher ist das Gefieder der Wasseramsel außerordentlich dicht und der Vogel hat eine besonders große Bürzeldrüse mit der das Gefieder eingefettet wird und somit besonders wasserabweisend ist. Um Verletzungen an scharfen Steinen zu vermeiden, sind Füße und Zehen besonders kräftig.

Die Wasseramsel ist perfekt an das Leben in kalten Bächen angepasst - sie besiedelt auch Fließgewässer im Hochgebirge oder in Nordskandinavien - so dass eine gute Isolation sehr wichtig ist. Daher ist das Gefieder der Wasseramsel außerordentlich dicht und der Vogel hat eine besonders große Bürzeldrüse mit der das Gefieder eingefettet wird und somit besonders wasserabweisend ist. Um Verletzungen an scharfen Steinen zu vermeiden, sind Füße und Zehen besonders kräftig.

Durch den Verlust an Brutplätzen, aber auch dem einsetzenden Klimawandel (mit Sommerhochwässern einerseits, extremes Niedrigwasser andererseits) ging der Bestand der Wasseramsel in Luxemburg in den letzten Jahren zurück, so dass sie in der rezente Rote Liste der Brutvögel als „potentiell gefährdet“ eingestuft wurde.

Im Kanton Réiden kommt die Wasseramsel an 8- 10 Bachabschnitten von Attert und Roudbaach vor, zuweilen werden auch kleinere Zuflüsse zur Nahrungssuche aufgesucht. Da die Wasseramsel angebotene Nisthilfen sehr gut annimmt, hat die „Section Kanton Réiden“ von natur an ëmwelt in den letzten Jahren bereits 10 Spezialkästen für die Wasseramsel installiert, einige weitere sollen in den nächsten Monaten folgen. Dabei zeigen sich erste positive Resultate, da bereits einige Nisthilfen angenommen wurden. Darüber hinaus sind - neben CO₂-Reduktion - weitere Maßnahmen notwendig um Extremwetterereignisse abzumildern um die Wasseramsel als besondere Tierart in unserem Kanton zu erhalten.

Text a Fotoen : Fernand Schoos



Die Wasseramsel leidet am Klimawandel und an einem Mangel an Nistplätzen



Sie besiedelt schnellfließende, steinige Bachabschnitte von mindestens 1 km Länge



Die Gebirgsstelze ist ein weiterer, noch relativ verbreiteter, Bewohner an Attert und Roudbaach

Farbenfrohe und lebendige Wiesen, Weiden und Äcker für Mensch und Natur – Landwirte werden honoriert

Artenreiche, bunt blühende Äcker sind fast ganz aus unserer Kulturlandschaft verschwunden. Fast die Hälfte der oftmals kleinen, unscheinbaren Ackerwildkräuter sind gefährdet oder bereits ausgestorben. Das Naturschutzsyndikat SICONA setzt sich daher seit vielen Jahren im Auftrag der Mitgliedsgemeinden anhand von Artenschutzplänen und Kartierungen für die Erhaltung dieser wertvollen Kulturbegleiter ein.

Biodiversitätsprogramme

Der Aktionsplan zur Förderung der Ackerwildkrautflora Luxemburgs listet klare Ziele. Im Fokus der Bemühungen stehen weniger ertragreiche und extensiv genutzte Ackerflächen. Hier soll eine artenreiche Ackerflora und -fauna im Rahmen des Vertragsnaturschutzes mit einer nachhaltigen Bewirtschaftung in Einklang gebracht werden. Artenreiche Ackerfluren erhöhen nicht nur die Vielfalt und das Nahrungsangebot für Insekten und Vögel, sondern erfüllen darüber hinaus wichtige Ökosystemleistungen: Sie schützen vor Bodenerosion und Hochwasser, fördern das Bodenleben sowie die Humusbildung und tragen außerdem zur natürlichen Schädlingskontrolle bei. Daher lohnt eine Teilnahme am freiwilligen „Schutzackerprogramm“, wo Landwirte monetär für die extensive Bewirtschaftung honoriert werden. Auch für die Erhaltung der Artenvielfalt auf Wiesen und Weiden gibt es geeignete Biodiversitäts-Programme im Vertragsnaturschutz. Grundsätzlich fördern diese immer eine extensive Nutzung, mit Verzicht auf Pestizide, späteren Nutzungszeitpunkten und keiner oder reduzierter Düngung.



Farbenspiel in extensiv genutztem Acker. So wie früher...

Botanisches Monitoring

Um die Entwicklung der artenreichen Wiesen und Weiden hinsichtlich ihrer typischen Pflanzenarten über die Zeit zu dokumentieren, erfolgt seit 2013 ein botanisches Monitoring durch SICONA. Dieses wird von den Gemeinden finanziert und im Naturpakt angerechnet. Dabei konnte nachgewiesen werden, dass die Bestände vieler wertgebender Pflanzenarten bei extensiver Nutzung erhalten werden können und die Biodiversitätsprogramme damit erfolgreich sind. Da artenreiches Grünland ebenso wie Äcker wertvolle Leistungen für uns Menschen erfüllen, ist deren Erhaltung und auch Wiederherstellung sehr wichtig.

SICONA berät Landwirte zu den Biodiversitätsprogrammen.

Kontakt:

Fanny Schaul: 26 30 36 37 – fanny.schaul@siconalu & Neal Pierlot: 26 30 36 92 – neal.pierlot@siconalu

Weitere Informationen auf [sicona.lu](https://www.sicona.lu)




Das Naturschutzsyndikat SICONA besteht aus 44 Mitgliedsgemeinden im Südwesten und Zentrum Luxemburgs. Ziel von SICONA ist die Erhaltung der heimischen Artenvielfalt. Landschaftspflegearbeiten und die Wiederherstellung von Lebensräumen sind Schwerpunkte der Arbeit von SICONA.

12, rue de Capellen L-8393 Olm - T: 26 30 36 25 - E: administration@siconalu

Rätsel


Wéi heescht de Schoulcampus zu Gréiwels?

- 1) Campus Al Brasilien
- 2) Campus Schlossgaart
- 3) Campus Rousegäertchen
- 4) Campus Nei Brasilien



An wéi engem Kanton läit d'Gemeng Groussbus-Wal?

- 1) Redange
- 2) Capellen
- 3) Mersch
- 4) Wiltz



Wat gëtt den 23. Juni zu Lëtzebuerg gefeiert?

- 1) Ouschteren
- 2) Niklosdag
- 3) Nationalfeierdag
- 4) Europadag




Op wéi enger Plaz steet dës Spillplaz?

- 1) Groussbus, Am Lahr
- 2) Gréiwels, Campus Nei Brasilien
- 3) Dellen
- 4) Groussbus, Rue de Mersch



Wat ass eng Deckelsmouk op Lëtzebuergesch?

- 1) Bei
- 2) Schildkröt
- 3) Päiperlek
- 4) Igel



Wéi vill Awunner huet Brattert?

- 1) 122
- 2) 1080
- 3) 316
- 4) 24



Wéi et funktionnéiert:

Dir kritt 6 Froen, an zu all Fro ginn et 4 Äntwerméiglechkeeten (nummeréiert vun 1 bis 4).

- Schreift d'Zuel vun der richteger Äntwert an d'Kaas vun der passender Fro (1, 2, 3 oder 4)
- Wann all Äntwert notéiert ass, ännert d'Zuelen an d'Buschtawen, wéi follegt, ëm:
1 gëtt zu "E" 2 gëtt zu "N" 3 gëtt zu "M" 4 gëtt zu "G"
- D'Buschtawen, déi aus den Zuelen entstinn, erginn d'Léisungswuert vum Rätsel
- Schéckt eis d'Léisungswuert mat Äre Coordonnée (Numm, Adresse, Telefon) bis den 30.06.2026 op buett@g-w.lu

De Gewënner gëtt ausgeloust a kritt en Duch an Entréesticketen fir d'Sauna an der Réidener-Schwämm.



LEISUNGSWUERT



--	--	--	--	--	--

- 1 = E
- 2 = N
- 3 = M
- 4 = G



KANNERSÄIT

D'Fréijoer ass rëm do!

Du muss net méi waarden. De Wanter ass scho gaangen.
D'Villercher sinn och rëm do, an den Himmel manner gro.
D'Déiere gi waakreg, alles gött schéi faarweg.
Gréng gött et am Gaart, a mir baken eng ganz lecker Taart.
Lues wuessen och d'Planzen, déi doruechter danzen.
Kuck dach déi schéi faarweg Blumm, d'Bei sëtzt drop a mécht summ summ.
An dee schéine Reebou, dee mécht Grouss a Kleng frou!
D'Fréijoer ass do, an den Himmel deen ass vill méi blo.

Text: Nina Conan & Julie Gangler



Etat civil



Hochzäiten

Thill Christian – Gonzalez Barthelmy Nathalie (12.12.2025, Grosbous) (Foto lénks)
Kolic Damir – Chana Sara (3.3.2026, Grosbous)
Novalic Deni – Abazovic Samira (8.5.2026, Grosbous)
Urbing Bob – Breuer Michèle (11.5.2026, Grosbous) (Foto riets)

Partenariat

Louis Lionel – De Andrade Fernandes Chilo (5.12.2025, Grosbous)
Rasmusen Pierre – Karpen Anne (19.12.2025, Grosbous)
Ferreira Jesus Daniel – Kauffmann Stéphanie (13.1.2026, Grevels)

Nei Äerdebieger

Scheikin Lapelletrie Jo (27.11.2025, Grevels)
Mersch Pol (30.11.2025, Buschrodt)
Louis John (19.12.2025, Grosbous)
Mustic Edvin (19.12.2025, Grosbous)
Mehari Weldemichael Tsegay Natnael (20.1.2026, Wahl)
Mehari Weldemichael Tsegay Arsema (20.1.2026, Wahl)
Mustajbašić Mateo (6.2.2026, Grosbous)
Blaise Timothy (10.3.2026, Heispelt)
Rasmusen Holly (31.3.2026, Grosbous)
Alves Pinto Yara (4.4.2026, Grosbous)
Rossi Matteo (13.4.2026, Wahl)
Ferlushkaj Muhamed (15.4.2026, Grosbous)
Pletschette Léini (19.5.2026, Grevels)

Et hunn eis verlooss

Pepin Marcel (8.3.2026, Buschrodt)

Umierkung

All Hochzäiten, Gebuerten a Stierffäll aus der Gemeng ginn an dëser Rubrik publizéiert.
Wann Dir am Fall sidd a net averstane sidd, sot eis w.e.g. Bescheed um Telefon 20 358-100 oder per E-mail op buett@g-w.lu.





Covoiturage op der Trottinett?



Natierlech net!



Kontakt an Ëffnungszäiten

Administration communale de Groussbus-Wal
1, rue de Bastogne L-9154 Grosbous

Bureau de la population (Biergerzenter) et

Service état civil:

7, Rue de Buschrodt L-9155 Grosbous

Tel: 20 358-100

population@g-w.lu

etatscivil@g-w.lu

Carole Weber, expéditionnaire

Tel: 20 358-101

Julie Schreiber, rédacteur

Tel: 20 358-102

Pol Diederich, rédacteur

Tel: 20 358-103

Heures d'ouverture:

lundi, mardi et jeudi de 08:00 à 12:00 heures,

mercredi de 14:00 à 18:30 heures

Sur rendez-vous jeudi de 14:00 à 17:00 heures et

vendredi 08:00 à 12:00 heures

Service Communication:

32, Rue Principale L-8838 Wahl

Charline Lebrun, rédacteur

Tel: 20 358-104

Recette communale et Service Facturation:

32, Rue Principale L-8838 Wahl

Tel: 20 358-200

recette@g-w.lu

Marc Ernster, receveur

Tel: 20 358-204

Monique Klees, rédacteur

Tel: 20 358-205

Heures d'ouverture: sur rendez-vous

Secrétariat communal:

32, Rue Principale L-8838 Wahl

Tel: 20 358-200

secretariat@g-w.lu

Marc Pletschette, secrétaire communal

Tel: 20 358-201

Jennifer Bodevin, rédacteur

Tel: 20 358-202

Heures d'ouverture: sur rendez-vous

Service technique:

32, Rue Principale L-8838 Wahl

7, Rue de Buschrodt L-9155 Grosbous

Tel: 20 358-300

technique@g-w.lu

Serge Fonck, chargé d'études dirigeant

Tel: 20 358-301

Pit Entringer, chargé technique

Tel: 20 358-303

Steve Beckers, rédacteur

Tel: 20 358-302

Bruno Andrino, expéditionnaire

Tel: 20 358-304

Heures d'ouverture: sur rendez-vous

Atelier communal:

7, Rue de Buschrodt L-9155 Grosbous

Tel: 20 358-330

atelier@g-w.lu

Tel. Service eau: 20 358-331

Tel. Salles et fêtes: 20 358-332

Tel. Permanence: 20 358-333 (uniquement en cas d'urgence)

